# Strandgut

**„Ech weess net, wéi een Enseignant geimpft ass a wéi een net geimpft ass. An dat ass och gutt esou an dat interesséiert mech net."**

De Bildungsminister Claude Meisch (DP) iwwert d'sanitär Mesurë vun der Rentrée 2021/2022 wärend enger Pressekonferenz mam Paulette Lenert (LSAP) op rtl.lu, den 2. September 2021

---

**„Wësst der, wat mech stéiert un där doter Fro? Dat ass, dass jo awer e bësse Politik gemaach gëtt mat deem Ganzen – dat fannen ech traureg. Hei geet et wierklech em en eeschte Sujet!"**

De Vizepremier François Bausch (déi Gréng) iwwert den Asaz vu private Sécherheetsfirmen am ëffentleche Raum an engem Interview mat RTL Radio, de 6. September 2021. De Weekend vum 3. September ass et zu engem Tëschefall op der Stater Gare komm, bei dem en Hond vun de Sécherheetsleit en alkoholiséierten an der Police bekannte Mann attackéiert hat.

---

**„Ech si kee Jurist, ech sinn Ingenieur. Ech weess awer 1 an 1 gëtt 2 – hoffen ech emol – awer dat muss d'Enquête erginn!"**

De Minister fir bannenzeg Sécherheet Henri Kox (déi Gréng) och iwwert de Virfall op der Stater Gare, an engem Interview mat Radio 100,7, de 7. September 2021

---

**„Ech sinn e bëssen iwwerrascht iwwert déi Fro, well ech dorops net virbereet war."**

De Minister fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch (LSAP) iwwert d'Kontrovers, dass säi Meedchen, d'Lisa Kersch, am Kooperatiounsministère nominéiert ginn ass, an engem Interview mat RTL Radio, den 20. September 2021

---

**„Deen [de Sven Clement (Piratepartei)] schéngt jo och zu all Thema alles ze wëssen an alles besser ze wësse wéi aner Leit."**

De Vizepremierminister Dan Kersch (LSAP) iwwert seng Propos vun enger Corona-Steier an engem Interview mat RTL Radio, den 20. September 2021

---

**„Ich habe gehört, die Tickets nach Dubai sind heiß begehrt."**

Maggy Nagel, Luxemburger Kommissarin für die Dubai World Expo, in einem Interview mit dem *Luxemburger Wort* am 1. Oktober 2021